déi jonk gréng

# PRESSEMITTEILUNG
# COMMUNIQUÉ DE PRESSE

Communiqué vum Gesondheetsministère zu den Afepouken

## Falschausso favoriséiert Stigmatiséierung vun homosexuelle Männer

Den 21. Mee 2022 huet de Gesondheetsministère e Communiqué erausginn, dee folgend Behaaptung enthält:

*"La transmission interhumaine [de la variole du singe] est rare, mais possible, surtout en cas de contact étroit, avec un risque plus élevé pour les personnes ayant des partenaires multiples et les hommes ayant des rapports sexuels avec les hommes."* [1]

**Dës Ausso ass faktuell falsch.** Laut aktuellem Kenntnisstand ginn et folgend Infektiounsméiglechkeete bei den Afepouken: d'Tröpfcheninfektioun, direkte Kontakt mat de Pouken an Austausch vu Kierperflëssegkeeten. **Deemno besteet bei all sexuellem Kontakt mat enger infizéierter Persoun de Risiko vun enger Ustiechung, onofhängeg vu Sexualitéit a Geschlecht.**

Déi falsch Ausso, dass de Risiko vun enger Ustiechung méi héich beim Sex ënner Männer ass, ass eng geféierlech Stigmatiséierung. **Net nëmmen entsteet de falschen Androck, dass just homosexuell Männer kënne betraff sinn, och entsti Ressentimenter géintiwwer alle Männer, déi net heterocisnormativ sinn.**

Sou besteet, zum Beispill, och haut nach eng staark Stigmatiséierung vun HIV/Aids als "Schwulenkrankheet". Aus dem Grond ass et wichteg esou Falschaussoen direkt ze korrigéieren.

**Mir fuerderen als jonk gréng, dass de Gesondheetsministère en neie Communiqué erausgëtt, mat enger Richtegstellung vun de Falschaussoen.**

Ausserdeem sollt de Gesondheetsministère an Zukunft méi nuancéiert, sensibiliséiert a recherchéiert kommunizéieren, soudass et net méi zu Aussoe kënnt, déi zu Ressentimenter géint en Deel vun der Bevëlkerung féiere kënnen.

---

[1] Communiqué du Ministère de la Santé, 21.05.2022
https://msan.gouvernement.lu/fr/actualites.gouvernement%2Bfr%2Bactualites%2Btoutes_actualites%2Bcommuniques%2B2022%2B05-mai%2B21-variole-singe.html

déi jonk gréng 3, rue du Fossé L-1536 Luxembourg
Tel.: 27 48 27 - 1 jonk@greng.lu